

# Dag vun der politescher Bildung

30.05-  
31.05.2018

Tag der politischen Bildung  
*Journée de l'éducation à la citoyenneté*

## Atelier N° 6

**Intitulé:** Lëtzebuenger Medien a politesch Bildung

**Modérateur/-trice:** Romain Kohn

**Rapporteur/-trice:** Romain Schroeder

### Sujets discutés ou présentés (état des lieux, questions):

#### 1. Wat ass d'Roll vun de Medien am Beräich vu politescher Bildung:

D'Intervenante waren der Meenung, dass et d'Aufgab vun der Press ass, fir politesch Bildung ze maachen

- Wichtigkeet fir d'Aktualitéit ze kontextualiséieren, gehéiert zum Handwerk vum Journalist
- Suerg besteet, als Journalist (Expert) net ausschliisslech fir aner Experten ze schreiwen, fir ze weisen, wat News mat der Liewenswierklechkeet vun de Lecteuren ze doen huet
- Wichtigkeet, fir Sujeten esou erofzebriechen dass se verständlech sinn
- Wichtigkeet fir e Vertrauensverhältnes zum Lieser/Nolauschterer opzebauen an ze erhalen
  
- Et muss een e Medienangebot maache fir Kanner/Jonker, eng Offer déi sech ausdrécklech u Kanner riicht ; Kanner hunn e Recht op Informatioun
- Peer-to-peer Medien entwéckelen. An dësem Beräich d'Coopératioun tëschent verschiddenen Acteure verbessern, vermeiden dass Initiativen niewentenee lafen. Esou erginn sech méi grouss Chancen z.B. fir a Schoulen ze kommen
- Jonke Mënschen eng Stemm ginn, si selwer Theme bestëmme loossen

**2. Fir politesch Bildung ass de Beutelsbacher Konsens Riichtschnouer. Kënne Medien sech dorunner ausriichten/politesch Bildung maachen, am Wëssen, dass si oft parteipolitesch agebonne sinn?**

- Prinzipiell Schwierigkeit, voire Onméiglechkeet, fir neutral ze berichten
- Uspréich u Medie sinn héich, dësen Uspréich nozergoe kascht Geld, et besteet Drock fir schnell ze produzéieren
- Neutralitéit fënnt schonn doranner hir Grenzen, dass 68% vun de Käschte vu Werbung gedeckt ginn

**Méiglech Weeër:**

- Trennung vu Bericht a Kommentar mécht Trennung vu Fakten/Informatioun a Meenung visibel
- Wichtigkeet dass de Finanzement vu Presseorganer transparent gemaach gëtt. Gekoppelt mat Medienerzéiung, fir Presseorganer an hire Contenu an deem Kontext anzeuerdnen.

**Défis futurs / Pistes à élaborer:**

**Medienerzéiung:**

- Et besteet Konsens, dass Medienerzéiung immens wichtig ass.
  - Beispiller vu Falschinformationen/fake news analyséieren
  - Wéi kommen ech un Informatiounen a wéi interpretéieren ech se
  - Training a Saache Mediekritik an Textkritik
  - Wichtigkeet, fir Mënsche vu jonkem Alter un mat Medien a Kontakt ze bréngen, Medien an d'Schoul ze bréngen